

Rapport vun der CCSport 5/2022

Presenzen

| Present | Net present |
|---|----------------------|
| Nicole, Patrick, Joske, Pit, Miguel, Pier, Anny, Mich, Manou an Joe | Marcel(entschëllegt) |

Punkt 1 : Usproch vun der Presidentin

D’Nicole begréisst all d’Memberen vun der Kommissioun.

Punkt 2 : Unhuelen vum leschten Sätzungsbericht

De Sätzungsbericht vum 26.Abrëll 2022 gëtt unanim vun der CCSport ugeholl.

Punkt 3: Sportleréierung+Eierung Charel Grethen

07.05.2022

Wat d'Sportleréierung ugeet sinn mir an eiser Sëtzung vum 26. Abrëll 2022 d'Lëscht vun de Kandidaten duerchgaang an hunn iwwert jiddereen einzelnen ofgestëmmt. Bei dëser Ofstëmmung hunn mir eis beschtméiglech un déi momentan Krittären gehaalt. Dës Lëscht gëtt vum Sekretär sou seier wéi méiglech un de Joske weidergeleet, datt hien eis Propose kann dem Schäfferot virleeën.

Et sief ze bemierken, datt d'Anny sech bei der Ofstëmmung, wat d'Vëlosfuerer vum Club „Vëlosfrënn Gusty Bausch“ enthaalen huet.

De Charel Grethen gëtt jo och am Zesammenhang mat der Sportleréierung geéiert, dëst duerch seng formidable Leeschtung bei Tokyo 2020, wou hien an der Final iwwert 1500

m, déi gutt 12ten Plaz erlaf huet(realiséiert 2021)

Wat d'Formalitéiten(fir dës Eierung) ugin ass d'Gemeng Helperknapp domadder chargéiert. De Joske informéiert d'Nicole nach, ob hat als Präsidentin vun der CCSport d'Ried, respektiv d'Iwwerreschung soll/kann iwwerhuelen.

4)SUIVI vun de Schnuppercoursen (Mail Joske am Numm vum CBE 07.04.2022)

Wéi schon bekannt ass, ginn d'Coursen vum Badminton weider ugebueden. Dës Coursen ginn bis den 16ten Juli 2022 abegraff ugebueden.

An der Spéngel hänkt d'Confirmatioun vun der Gemeng.

Wat d'Coursen vum Tania Thies ugin, sollten déi duerch verschidden Grënn net méi ugebueden ginn.

Mir hunn an der CCSport iwwert dëst Thema geschwat an sinn majoritär der Meenung, dass dës Coursen awer sollen weider ugebueden ginn, vu dass d'Leit, déi dës Coursen besicht hunn immens zefridden waren. Dëst huet sech och un den Zuelen vun de Participanten gewisen.

De Joske kontaktéiert nach eng Kéier Tania, ob hat kéint d'Coursen bis den 16ten Juli 2022 garantéieren/assuréieren.

Wat no dëser Zäit ugebueden gëtt, müssen mir als CCSport an der nächster Versammlung/Sëtzung beschwätzen, respektiv dëst mat der Gemeng ofklären.

Zu de Schnuppercoursen bléift nach ze soen, dass d'CCSport 8 zu 1 dofir ofgestëmmt huet, dass mir als CCSport net zoustänneg sinn fir d'Hal(während de Schnuppercoursen) op-, respektiv zouzespären.

Mir sinn och majoritär der Meenung, dass d'Moniteuren/Traineren déi dës Coursen ubidden, ee Badge sollen kréien, wou sie dann och selbstverstänlech responsabliliséiert ginn.

Wat de Suivi no dëser Zäit(16. Juli 2022) ugeet, informéiert de Manou sech schon präventiv bei engem Verantwortlechen vum Krav Maga.

5) Verschiddenes

Wat „Nuit du Sport“ ugeet waren de Joske, Pier an ech(Joe) an der Informationsversammlung, déi den 21.Abrëll 2022 zu Bruch an der Koll stattfonnt huet.

Mir als CCSport hunn festgestallt, datt d’Gemeng schon gutt Viraarbecht gelescht huet an sie och schon am Dialog mat deenen chargéierten Leit vum Sportsministère sinn

Déi nächst Versammlung ass fir den 8. Juni 2022 ëm 20h00 zu Bruch an der Koll geplangt.

Joe Heinz

Sekretär vun der CCSport

